

Hallo halli

Ëch sinn d'Maisy

Doheem sinn ech um Bauerenhaff

Ën do ass all Dag eppes lass

Ganz fréi am Moien rífft den Hunn

(Hien hëlt sech nach ewell zimlech wichteg.)

Ën da kënnt gläich och d'Hong geflunn

(naja, gefladdert wier méi richtig)

All Dag en Ëe leet hatt an d'Mascht

fir dass de Paangech net vill kascht

Ë Paangech? Jo, dee sollt dir maachen

Ën dofir braucht dir nach vill Saachen

Ën Ëe vum Hong, a vu wíem d'Miel?

Dat kritt dir muer am Bréif gezielt

Ën nach d'Rezept, dat misst dir hunn

Do fir hänkt nach e Bréif hei drun

Allez, lo maachen ech awer Schluss

Well ech nach ganz vill schaffe muss

Ëch schécken iech e léiwe Grouss

Ën ënnerschreiw mat mengem Fouss



(Maisy)

Paangech

Zutaten


400 g Miel

750 ml Mëllech

3 Eeër

Botter fir ze Baken

Hunneg fir ze Séissen



Preparatioun

Miel, Mëllech, Eeër zu engem glaten Deeg verréieren.

De Botter virun all Paangech an d'Pan (oder geschmolz virdrunn matt bei den Deeg) ginn.

Matt enger Couche eng Portioun Deeg an déi gliddeg Pan ginn a gläichméisseseg (duerch Schwanken) verdeelen.

Op 2 Säiten baaken bis dass en licht brong gëtt.

Op en Teller ginn a mat Hunneg séissen.

färdeg ass et!

Gudden Appetit!

Hallo halli


't ass rëm d'Maisy
Erënnert iech, déi Maus vum Haff
Haut weisen ech iech wat „Miel“ sou ass
Se Pak dovu brauch ee fir Kuch
Dovu kritt dir jo ni genuch
Als éischt muss een zwar Kären huelen
An déi da laang a ganz reng muelen
Sou kritt ee Miél och fir e Paangech
Mee dat wësst dir jo sécherlech
Wann dir bei mech kommt op Besuch
Da kommt dir selwer mol zum Zuch
Da kënt dir muele mat aller Kraaft
Da gëtt all Kär zu Miél gemaach
Mee lo awer rëm séier Schluss
Well ech nach ganz vill maache muss
Ech schécken iech e léiwe Grouss
An ënnerschreiven matt mengem Fouss



(Maisy)

Hallo halli

't ass rëm d'Maisy
är frëndin aus dem Märjendall
Sot, mir ass eppes opgefäll
Wann ee wëll mat Baken ufänken
Muss een un eppes Wichtigees denken
De Botter dierf dobei net feelen
Well ouni dee geléngt et seelen
De Paangech brennt un -
An d'Dreckskeischt geflunn
Nee nee dat soll et nun awer net sinn



Dofir wëlle mir bei all Paangech e Schnatz Botter ginn
Mee wou kënnt deen hier
De Botter fir op d'Schmier?

Kommt mech dach sou séier wéi méiglech besichen
Dann huelen ech iech mat a meng Kichen
Do kënnt dir de Botter da selwer schmaachen
Aus wat musst dir deen dann elo selwer maachen?
Vläicht weess scho vun iech een et heibannen?
Wann net, wäert dir et bei mir eraustannen.

Mee lo awer rëm séier Schluss
Well ech nach ganz vill maache muss
Ech schécken iech e léiwe Grouss
An ënnerschreiw mat mengem Fouss



(Maisy)

Hallo halli

Nach eemol d'Maisy
Ech schreiwem iech vun Huelmes haut

Do hu vill Déiere fir eis gebaut

Kleng Kummeren! Mat Hunneg voll (gefällt)

Well dir eppes Séisses op den Hunneg wollt (wëllt)

Q wien huet gebaut? Eis Beiefrënn!

Si hunn all Kummere mat Hunneg gefällt

Wäit gi si sichen

Q felder a Wisen

An droen Nektar a Pollen an de Beiestack

Ssssst fléie si laanscht, dat geet zack zack

Mee iesst net schonn alles ewech ier dir kommt

Well ech hunn um Haff nach eppes Wichteges fonnt

Wat dir nach braucht fir de Paangech ze maachen

Dat huet dir da mat, an da wäert dir schmaachen

Wéi gutt dat ass wann een Ee, Mëllech, Miel a Botter

Zu Paangech mëscht, ganz ouni Zocker.

Mee lo awer rëm séier Schluss

Well ech nach ganz vill maache muss

Ech schécken iech e léiwe Grouss

An ënnerschreiwem mat mengem Fouss



(Maisy)



Hallo halli

Ech sinn d'Maisy

Ech hunn iech all déi Bréiwer geschéckt

Endlech ass eis en Treffe gegléckt

Wëllkomm bei mir op mengem Haff

Ech weisen iech haut, wat hei alles lass ass

De Moie schonn an aller fréi

Hunn ech eng Kou gestrach mat aller Méi

Eng Kou sträichen? Wäert dir lo froen

Wat ass dann dat? Muss ee sech do vill ploen?

Wéi kann d'Kou eis da Mëllech ginn

Déi wichteg fir eise Paangech wäert sinn

Ma da kommt mol mat, mir kucken zesummen

Wou all déi Déieren um Haff dann hei wunnen

Uläicht fanne mir och d'Kou

An d'Mëllech derzou

Da kéint dir doheem endlech e Paangech baken

Wa mir iech zum Schluss dann nach Mëllech apaken.

Q lass! Kommt mat!

